# de pefferkär

## D'Alternativ fir Cliärref

Gemengewalen 2017

Lëscht 7

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

## Firwat sollt Dir e Sonndeg d'ADR wielen?

*D'ADR ass eng sozial engagéiert Partei, déi d'Wäerter, d'Kultur an d'Sprooch vum Lëtzebuerger Land vertrëtt a verdeedegt. Mir maachen eis staark dofir, datt eis Lëtzebuerger Traditiounen an eis Manéier mateneen ze liewen dem Land a senge Bierger erhale bleiwen. Net nëmmen um nationalen Niveau, mee och um kommunalen, triede mir a fir d'Rechter vum Eenzelen an de Respekt vun der Demokratie.*

*Eng gutt Gemengeféierung këmmert sech ëm d'Sécherheet an d'Biergerbedeelegung. D'ADR setzt sech a fir passend Sécherheetsmoossnamen an all Gemeng. Mir ginn eis net zefridden, bis all Mënsch sech hei am Land nees sécher fillt a séch iwwerall ouni Angscht beweege kann, an dëst och zu spéider Stonn. A punkto Biergerbedeelegung fanne mir et méi wéi traureg, datt bis elo Gemengepolitik dacks iwwert d'Käpp vun de Leit ewech gemaach gouf.*

*D'ADR wëllt d'Gemengen zesumme mat hiren Awunner gestalten, an als hir Vertrieder d'Gemeng geréieren, amplaz ze dirigéieren. Aus dësem Grond fuerdert d'ADR kloer de Referendum op kommunalem Niveau a mécht sech staark géint Korruptioun a Vetternwirtschaft an der Politik. Zesumme mat den Awunner wëlle mir eng Gemeng schafen an erhalen, déi net just bewunnbar ass, mee och déi néideg Liewensqualitéit bitt. Dëst mat engem Wunnraum, deen d'Leit sech leeschte kënnen, ouni dofir mussen u Liewensqualitéit anzebéissen.*

***ADR an der Gemeng: zesumme mat den Awunner!***

*D'ADR mécht Politik, déi sech no de Bedierfnesser vun de Leit riicht an net ëmgedréint. Mir sinn dofir fir eng realistesch an effizient Ëmweltpolitik, déi net duerch realitéitsfriem Normen a Virschrëften de Leit an der Gemeng d'Bezuele vu Wunnraum onméiglech mécht. D'ADR wäert beim Erhale vu wäertvoller Bausubstanz hëllefen, an net d'Renovéieren an d'Baue mat iwwerspëtzte Reglementer onméiglech maachen. D'ADR mécht Politik fir d'Leit a mat de Leit.*

*Weider nach wëlle mir verhënneren, datt de Staat iwwert de Käpp vun de Gemengen ewech Entscheedungen trëfft, mat deenen d'Gemengen an hir Awunner direkt konfrontéiert sinn. Sou wäerte mir et net hinhuelen, datt de Staat, ouni der Gemengen an hiren Awunner hiert Zoustëmmen, e Flüchtlingsfoyer an enger Gemeng ariicht.*

*Mir als ADR maachen eng kanner- a familjefrëndlech Gemengepolitik. Mir fërderen héichwäerteg Crèchen, fuerderen awer, datt d'Elteren och ëmmer d'Méiglechkeet hunn, hir Kanner mat der néideger Zäit an Opmierksamkeet doheem erzéien ze kënnen. Mir sti fir eng Gemengeféierung, déi maximal sozial ass, bei där kee Mënsch vergiess gëtt, och net eis eeler Matbierger, déi mat Krankheet oder Behënnerung.*

***Finanzen: kompetent a sozial!***

*D'ADR wäert sech dofir staark maachen, datt d'Gemengefinanze kompetent, sozial a mat Verstand gereegelt ginn. Da kënnt et net zu deenen onnëtzen an onsozialen Erhéijunge vun Taxen. Bestoend Taxe wäerte mir no soziale Kritären upassen, sou datt et hei eng méi gerecht Verdeelung wäert ginn. Deementspriechend géinge mir dofir suergen, datt d'Waassertax sozial berechent gëtt.*

*Sou hätt all Awunner pro Joer e gratis Waassersockel op de Kapp zegutt, an duerno gëtt de Waasserverbrauch mat enger progressiv gestaffelter Tax berechent. Domat hätt all Bierger säin néidege Grondverbrauch u Waasser ofgedeckt – schliisslech handelt et sech hei ëm e mënschlecht Grondbedierfnes. Esou eng progressiv Präisstaffelung géing awer gläichzäiteg verhënneren, datt déi liewenswichteg Ëmweltressource ouni nozedenke géing verbëtzt ginn.*

***ADR: jonk a couragéiert***

*D'ADR ass eng jonk a couragéiert Partei, déi hir Iddien net just a schéine Sondesriede verspréchst, mee och wierklech duerchsetzt a sech honnertprozenteg fir hir Gemengen asetzt.*

***Duerfir: Den 8. Oktober all Stëmm fir d'ADR. Fir eng besser Gemeng. ADR – déi richteg Alternativ!***



## *Inhaltsverzeechnes*


Firwat sollt Dir e Sonndeg d´ADR wielen?

***Säit 1***

Verkéier: Léisunge fir Cliärref!
Gratis ëffentlechen Transport a keng Autos-Schikanen

***Säit 2***

D'ADR Cliärref ënnerstëzen heescht richteg wielen!
30 Fudder Waasser gratis op de Kapp géint deier "gréng" Gemengepolitik

***Säit 3***

Reiler Schoulzentrum: Problemer iwwert Problemer
**Mëmber-Formular**

***Säit 4***

Wat sinn d'Alternativen fir eis Gemeng?
6 Prioritéiten fir eis Gemeng
Historesch an architektonesch Schätz fleegen

***Säit 5***

De Rettungsdéngscht a sécher Gebaier
Bezuelbare Wunnraum mat Kapp a Verstand

***Säit 6***

Schäinhelleg Politik à la Gambia: Eist Land an eis Gemengen an der Wuesstemsfaal
Cliärrewer Lycée: Chance notzen

***Säit 7***

**Eis Kandidate fir Är Gemeng**

***Säit 8***


Lëscht 7

# Verkéier: Léisunge fir Cliärref!



Cliärref bei der Raiffeisen Bank




Och zu Reiler ginn et Verkéiersproblemer

Verkéiersproblemer mussen an éischter Linn op nationalem Niveau geléist ginn. Wann eis Politik weiderhin esou op de Wuesstem setzt, kréie mer d'Verkéiersproblemer nie an de Gréff. Si gi souguer ëmmer schlëmmer. Wéivill Léit aus der Gemeng Cliärref, déi mam Auto an de Süde schaffe fueren, sti lo schon all Dag Stonnen a Stonnen am Stau?

Trotzdeem: Och d'Gemeng Cliärref selwer huet Verkéiersproblemer, déi vill ze laang net uerdentlech ugepaakt goufen.

Et mécht engem Angscht, wann ee gesäit, wéi gréisser Duerchgangsstroossen, besonnesch d'Maarnecher an d'Hengeschter Haaptstrooss, quasi wéi eng Autobunn genotzt ginn. Et ass zu enger traureger Normalitéit ginn, datt Autoe fréi Moies, wann de Beruffstrafic ufänkt, mat bal 100 km/h duerch déi Dierfer rennen. Och Nuets fillen sech d'Autofuerer sécher viru Policekontrollen a rennen duerch Hengescht a Maarnech als wieren se op enger däitscher Autobunn.

Dat huet Konsequenzen op d'Lärmbelästegung, d'Liewensqualitéit an d'Sécherheet vun den Awunner. Wéi laang dauert et nach bis hei e schwéieren Onfall passéiert? D'ADR an der Gemeng wäert dofir suergen, datt verstäerkt Policekontrollen dësem Spill en Enn maachen.

Problemfall Reiler: Schmuel Stroossen, Kanner déi hannert de Busser iwwert d'Strooss lafen a säit Jore feelend Stroossemarkéierunge maachen de Busverkéier an d'Reiler Schoul problematesch. Och bei der Schoul selwer (Richtung Ischpelt) gëtt monter gerannt. D'ADR an der Gemeng wäert dofir suergen, datt hei eng verkéiersberouegt Zon agefouert gëtt. D'Bierger mussen och dofir sensibiliséiert ginn, op kee Fall Busser ze iwwerhuelen, während Kanner eraus- oder eraklammen. Tempo 50 ass sécherlech ze héich ugesat fir derart schmuel Stroossen ouni Markéierungen.

Mir setzen eis desweideren dofir an, datt méi Foussgängersträifen an der Gemeng gezeechent ginn. Dës wären z.B. zu Maarnech beim Kierfecht néideg, wou d'Autoen, déi Richtung Cliärref fueren, op där Platz schonns ufänken ze beschleunegen.

Den ëffentlechen Transport gëtt vum Steierzueler matgedroen, an deem Sënn fanne mir et méi wéi onsënneg, datt zu Cliärref regelméisseg grouss Busser d'Stroosse blockéieren (z.B. bei der Raiffeisen Bank), déi net fir de Schoultransport geduecht sinn a wou knapp 3 Léit drasëtzen. **Wielt den 8. Oktober d'ADR, mir packen d'Verkéiersproblemer an eiser Gemeng endlech un.**

# Gratis ëffentlechen Transport a keng Autos-Schikanen

De Verkéier zu Lëtzebuerg gëtt ëmmer méi schlëmm, dat betrëfft och ländlech Gemengen. D'Gemeng Cliärref muss e séchert a gläichberechtegt Matenee vun alle Verkéiersteilnehmer garantéieren.

D'ADR huet eng kloer Linn fir den ëffentlechen Transport

- Mir trieden a fir gratis ëffentlechen Transport fir jiddereen
- Gemengenefforten fir den ëffentlechen Transport musse vum Stat ënnerstëtzt ginn.
- Gemenge solle sech esou effikass wéi méiglech a regionale Reseauen verbannen, dat an enker Ofsprooch mat den Awunner
- D'Awunner solle iwwer d'Zuel an d'Plaz vun den Haltestellen an och iwwer d'Organisatioun vum Schoultransport kënne matschwätzen

**Individualverkéier muss eng Wiel bleiwen**

Dräi Véirel vun den Trajeten am Land gi mam privaten Auto gemaach. Et ass net un enger Gemeng oder um Stat, dëse private Choix ze kontestéieren oder ze beaflossen.

D'ADR ass géint Schikanen fir Autofuerer (kënschtlech Verknappung an Iwwerdeierung vu Parkméiglechkeeten, ze knappe Parking résidentiel, ze penibel Kontroll vu Parkziedelen op d'Sekonn ...).

Null Toleranz erwaart deen Automobilist, deen ze séier an der Uertschaft ass, récksiichtslos parkt oder nuets onnéideg Kaméidi mam Auto mécht.

Null Toleranz gëllt fir Foussgänger a Veloen, déi sech net un d'Verkéiersreegelen halen.

Mir garantéieren

- en Ausnotze vum ganze méigleche Parkraum vun der Uertschaft
- gudd Stroosseninfrastruktur a Verkéiersweeër, an dat och fir Foussgänger a Vëlofuerer

De Vëlo ass, besonnesch an enger méi ländlecher Gemeng wéi Cliärref, an deene meeschte Fäll méi e Sport- a Fräizäitgefier wéi e Fortbeweegungsmëttel fir schaffen oder akafen ze fueren. Deementspriechend sollte Vëlospisten och méi regional an touristesch gesinn an ausgebaut ginn.



# D'ADR Cliärref ënnerstëzen heescht richteg wielen!




Fir d'ADR Cliärref sou gutt wéi méiglech ze ënnerstëzen, gitt eise 6 Kandidaten 11 Stëmmen a maacht w.e.g. net de Rondel schwaarz, well mir soss 5 Stëmmen verléieren!

All Stëmm zielt!

Lëscht 7

adr

A.D.R - Alternativ Demokratesch Reformpartei

| | | |
|---|---|---|
| Lemaire Michel | | |
| Detlef Xhonneux | | |
| Fank André | | |
| Strassener Gustavo | | |
| Scholtes Mike | | |
| O'Brien Silvia | | |

Dir fannt de kompletten Wahlprogramm fir d'Gemengewalen op onser Homepage:

Le programme électoral complet pour les élections communales sur:

www.adr.lu

# 30 Fudder Waasser gratis op de Kapp géint deier „gréng" Gemengepolitik

Wat d'Qualitéit vum Drénkwaasser ugeet, sinn an der Lëscht ëmmer méi streng Riichtwäerter festgesat ginn an dat ass och gutt esou. Op der anerer Säit ass d'Liwwerung vun extra propperem Waasser och ëmmer méi deier ginn. Allerdéngs ass d'Waasser och ëmmer méi belaascht ginn a war méi schwéier drénkfäerdeg ze maachen. Dat war awer net d'Schold vun all Mënsch, mee all Mënsch muss haut fir déi deier Filteranlage bezuelen.

**D'ADR setzt hei un an zwar mat enger sozialer Approche.**

D'Iddi vun der ADR fir all Mënsch 30 Fudder (30.000 Liter) Waasser am Joer gratis ze ginn an de Waasserverbrauch, deen doriwwer eraus geet, progressiv gestaffelt ze taxéieren, mécht genee dat. Dat Gratis-Waasser geet ongeféier duer fir d'perséinlech Hygiène ze decken. Wat elo am Stot nach ufält fir Kachen a Botzen, kascht e vernënftege Waasserpräis.

Wien allerdéngs all Dag e Riesegaart nätzt (ouni Reewaasser duerfir ze sammelen), wien all Dag Trëttoir, Gaardemauer a viischt Trapp ofsprëtzt an den Auto wäscht an eventuell och nach eng grouss Schwämm hannert dem Haus huet, muss sech bewosst sinn, datt dee Luxus op d'Waasserrechnung schléit. Fakt ass, datt proppert Drénkwaasser ee Mënscherecht ass an datt mir et net kënne veräntweren, wa finanziell méi schwaach Stooter dorëms kämpfe mussen, fir nach kënnen hire Waasserpräis ze bezuelen. D'ADR ass strikt géint all Mesuren, déi de Bierger erzéien oder bevormunden. De Gratis-Waasser-Sockel mat der progressiv gestaffelter Tax iwwerléisst et all Bierger selwer ze entscheeden, wéi verantwortungsvoll hie mam Drénkwaasser ëmgoe wëll.



# Reiler Schoulzentrum: Problemer iwwert Problemer

Dee beschte Wee fir Gemengepolitik ze maachen, ass mat de Leit ze schwätzen. D'ADR Cliärref hat bis elo kee Mandat am Gemengerot a freet sech heiansdo, ob déi Persounen, déi bis elo zu Cliärref Gemengepolitik gemaach hunn, just kuerz virun de Walen d'Gespréich mat de Leit sichen.

**De Reiler Schoulzentrum platzt aus allen Néit.**

Dëst betrëfft souwuel d'Crèche an de Precoce wéi och de Fondamental. Gemaach gëtt häerzlech wéineg. De Schoulhaff ass rezent ëm iwwert 60 Quadratmeter verklengert gi fir kënnen zwee Säll bäizebauen. Trotzdeem wëssen déi Verantwortlech net, wouhi mat de Kanner, wann elo rem Klasse bäikommen. D'Schoulmeeschtere musse Lëschten ophänke mat fräie Säll, fir sech na kënnen iergendwéi ze arrangéiere fir z.B. Appuiscouren ze halen.

Et ass keng Ausnam méi, datt d'Léierpersonal mat de Kanner an de Konferenzsall musse goe fir mat hinnen ze schaffen; ee Sall, deen eigentlech fir d'Léierpersonal sollt do sinn. Fir spezifesch Besoinen, z.B. wann ee Kand Coure muss nohuele wann et krank war, ass elo scho keng Plaz méi. Et freet een sech, wéi laang et nach dauert, bis datt d'Léierpersonal Schoul um Gang hale muss.

Däerfen d'Primärschoulkanner och, wéi fréier, op Cliärref an d'Schwämm goen oder mussen se absurderweis weiderhin op Housen rennen, obwuel fir de Cliärrewer Lycée eng Schwämm geplangt ass?
Konkret Äntwerten héiert ee vum jëtzege Gemengerot wéineg.

Et gëtt monter em de Bräi geschwat a wéineg ënnerholl. De Problem vum Reiler Schoulzentrum ass zanter laangem bekannt. Et däerf net sinn, datt de Kanner aus Plazmangel d'Spillméiglechkeeten ewechgeholl ginn. D'ADR setzt sech fir konkret Léisungen an. Hannert der Schoul ass genuch Plaz, fir och ouni esou onsënneg Mesurë kënne Pavillone bäizebauen. D'ADR am Gemengerot wäert sech dofir asëtzen, datt dat och an d'Realitéit ëmgesat gëtt.




**Am Reiler Schoulzentrum si Précoce, Crèche a Fondamental zesumme versammelt**

Lëscht 7

----------- ausschneiden an un ADR 20, rue de l'Eau L-1449 Lëtzebuerg schécken -----------

**Gidd Member an der ADR, a frot och Aër Familljemembren a Frënn, fir Member ze ginn.**

De Joresbeitrag ass fir eng Persoun 14.-€, fir e Stot 20.-€, a fir Schüler a Studenten 5.-€

Numm & Virnumm: ........................................................................

Adress: ........................................................................

........................................................................

Telefon: ........................................................................

Email: ........................................................................

**de pefferkär**

**Oplag: 2300**
**Verantwortlech fir dëse Pefferkär fir d'Gemeng Cliärref ass d'Alternativ Demokratesch Reformpartei**
**22, rue de l'Eau**
**L-1449 Lëtzebuerg**

**www.adr.lu**

# Wat sinn d'Alternativen fir eis Gemeng?

Mir stellen an der Gemeng déi richteg Froen: Wat notzen zum Beispill déi bescht Reglementer, wann net genuch Police **d'Sécherheet** ka garantéieren?

D'ADR ass och géint d'staatlecht Ariichte vu **Flüchtlingsfoyeren**, ouni datt d'Gemeng an hir Bierger gefrot ginn. Beim **Wunnengsbau** weess d'Gemeng besser wéi de Stat, wou séier ka Wunnraum geschaf ginn.

### Guichet unique

D'Gemeng ass do, fir hire **Bierger** d'Liewen einfach ze maachen. Un d'Beruffs- a Privatliewen ugepassten Ëffnungszäiten, "Guichet unique"-Funktioune fir staatlech a kommunal Froen an Internet-Interaktivitéit sinn do néideg.

Op de **Gesondheetsniveau** iwwerdroen: Eng ADR-Gemeng wäert Drock maachen fir mat regionalen Dokteschhaiser (an hiren Hausapdikten) eng zäitgeméiss Versuergung, déi de beruflechen a familiäre Besoine vun de Bierger entsprécht, ze organiséieren.

D'Gestioun vun de **Gemengefinanze** „en bon père de famille" heescht, datt Kreditter just fir konkret Investitioune opgeholl ginn.

Et ass net un der Gemeng, z. B. iwwer **intelligent Compteuren**, den Energiekonsum vun hire Bierger auszespionéieren.

Realistesche **Klimaschutz** ass eng Gemengeprioritéit: D'Nodeeler vun erneierbaren Energien – Kaméidi, Ästhetik, Schied an der Natur, finanziell Auswierkungen – däerfen net op de Bierger oder Betriber ofgewänzelt ginn.

### Keng ze héich Taxen

D'Gemeng ass awer net do fir hir Bierger duerch héich **Taxen** ze zillen oder duerch eng Verknappung vu **Parkplatzen**, onsënneg Reglementer an aner Schikanen um Autofueren ze hënneren.

D'Gemeng soll beim Erhale vu wäertvoller **Bausubstanz** hëllefen, an net d'Renovéieren an d'Baue mat iwwerspëtzte Reglementer onméiglech maachen.

D'ADR verdeedegt **de Choix vum Bierger** a säi Recht, säi Liewen an eventuell säi Betrib no beschtem Ermoossen ze féieren.

## 6 Prioritéiten fir eis Gemeng

1. **Bezuelbaart Wunnen: D'ADR huet konkret Solutiounen fir d'Gemeng!**
2. **Ëffentlech Sécherheet heescht Sécherheet fir jiddereen**
3. **Mobilitéit ouni Dirigismus: D'Gemeng organiséiert de Matenee vun Auto, Foussgänger a Velo. Si mécht net de Choix vum Verkéiersmëttel.**
4. **Famillje mat Kanner beschtméiglech ënnerstëtzen: Mir brauchen Uertschaften, wou Kanner sech kënne wuelfillen an entfalen.**
5. **D'Lëtzebuerger Sprooch als wichtegst Mëttel zur Integratioun: Un der Gemeng ass et, eis Sprooch ze verbreeden.**
6. **Flüchtlingen ophuelen, mat Häerz awer OCH mat Verstand: D'Gemeng muss an däser Fro matschwätzen an d'Decisiounen däerfen net iwwer d'Käpp vun de Bierger ewech geholl ginn.**

# Historesch an architektonesch Schätz fleegen

Der ADR ass et wichteg, datt eng bestëmmte Liewensqualitéit an der Gemeng ginn ass. Dëst steet am direkten Zesummenhang domat, datt en Ëmfeld erhalen oder geschaf gëtt, an deem d'Leit sech kënne wuelfillen.

Dozou gehéiert och d'Erhale vun eiser traditioneller Bausubstanz a vum Charakter vun de Stied an Dierfer. Schliisslech ass dëst – nieft der Lëtzebuerger Sprooch – e wichtegen Aspekt vun eiser Identitéit.

Mir setzen eis dofir an, datt

- regional-typesch Gebaier a Bausubstanze mat kulturellem Wäert erhale ginn
- et kommunal Subside ginn, fir d'Renovatioun an d'Sanéierung
- d'Gemeng, wann néideg, wäertvoll Gebaier keeft, fir den Erhal ze sécheren
- d'Bierger fir déi kulturell Schätz vun hirer Uertschaft sensibiliséiert ginn
- d'Gemeng dofir suergt, datt historesch Plazen net duerch onpassend Konstruktioune verschampeléiert ginn
- mat kierchleche Bausubstanze verantwortungsvoll a respektvoll ëmgaange gëtt

Wann een duerch eis Gemeng fiert, da fält virun allem op, wéi vill Kappellercher eidel stinn oder an engem desolaten Zoustand sinn, well sech kee Mënsch méi drëm këmmert.

En trauregt Bild fir d'Gemeng Cliärref. Historesch Bausubstanze schützen heescht och, Respekt fir seng Geschicht opbréngen.

Wann d'ADR an de Cliärrewer Gemengerot kënnt, wäerte mir dofir suergen, dat dëst Erscheinungsbild der Vergaangenheet ugehéiert.



**Hl. Johannes Kierch zu Hëpperdang**

**Walprogramm (Lëtzebuergesch)**
- https://adr.lu/alternativ_2017_l/

**Wahlprogramm (Deutsch)**
- https://adr.lu/alternativ_2017_d/

**Programme électoral (Français)**
- https://adr.lu/alternativ_2017_f/

**Election program (English)**
- https://adr.lu/alternativ_2017_e/

**Programa eleitoral (Português)**
- https://adr.lu/alternativ_2017_pt/

## ADR: un message clair dans votre commune

Retrouvez notre programme électoral complet en français sur notre site internet

## Matschaffen! Froen? Ureegungen!

**Hutt Dir Froen oder Ureegungen oder wëllt Dir bei ons aktiv matschaffen, dann zéckt net a rufft un, ënner der Nummer:**

**+352 26 20 37 06**

# De Rettungsdéngscht a sécher Gebaier

D'ëffentlech Ariichtunge vun enger Uertschaft kënne Schutz bidden an zur Sécherheet bäidroen, wa si bestëmmte Konditiounen erfëllen. Dowéinst setzt sech d'ADR an der Gemeng dofir an, datt

- urban Miwwelen (Busarrêten, Bänken asw.) op ëffentleche Plazen op eng Manéier ugeluecht sinn, déi weder donkel Gestalten nach Vandalen ulackelt
- ëffentlech Gebaier, (d'Gemeng, d'Schoulen, asw.) duerch technesch Moossname wéi Alarmanlagen oder duerch d'Präsenz vu Personal geschützt ginn

Och de Rettungsdéngscht spillt eng Roll bei der Sécherheet. Oft si Mënschen an Noutfäll – wou et net seelen ëm Liewen an Dout geet – op hir Präsenz a qualifizéiert Hëllefsleeschtungen ugewisen. Eng national Reform vum Pompjees- a Rettungswiesen ass an der Maach. D'ADR begréisst déi grouss Prinzipie vun dëser Reform, awer mir maachen eis och staark dofir, datt

- d'Gemeng hei net u Responabilitéit verléiert, andeems eng ganz Rei vun de Gemengenaufgaben op den nationale Plang iwwerdroe ginn
- déi lokal Pompjeesveräiner selbstverständlech bestoe bleiwen, fir weiderhi méiglechst vill Fräiwëlleger am Rettungsdéngscht ze hunn
- dës lokal Kräfte Ënnertstëtzung kréien, fir Aktivitéiten an der Gemeng ze organiséieren.

Pompjees- a Rettungswiese ass fir d'ADR e wichtege Bestanddeel vun der lokaler Sécherheet. Dofir sollen dës Kräfte an eisen Aen déi néideg Ënnerstëtzung kréien, fir sech beschtméiglechst op lokalem Terrain organiséieren ze kënnen.

Et däerf een nie vergiessen, datt d'Cliärrewer Pompjeeën hiren Engagement éierenamtlech maachen, dohier muss hirer wäertvoller a liewesnoutwenneger Aarbecht och gréisste Respekt entgéintbruecht ginn.



**Logo vun de Cliärrewer Pompjeeën**

# Bezuelbare Wunnraum mat Kapp a Verstand

Wat kann d'Gemeng Cliärref maachen fir hiren Awunner genuch Wunnengen zu engem bezuelbare Präis zur Verfügung ze stellen? Si huet zwou Zorte Klientel: Leit, déi genuch Mëttelen hunn, fir eng eege Wunneng ze finanzéieren oder ze lounen, a Leit, déi ganz reell finanziell Schwieregkeeten hunn, um Lëtzebuerger Wunnengsmaart en Daach iwwert dem Kapp ze fannen. Leit, déi an der Gemeng Cliärref lounen, sollte sech kënnen op eng gudd funktionéierend Loyerskommissioun verloossen, déi mat duerfir suergt, datt si net ze deier bezuele mussen an déi, wa néideg, tëscht Mieter a Mieter vermëttele kann.

**Moossname fir Leit mat klengem Akommes**

D'Gemeng Cliärref soll ee gewësse Prozentsaz vun hirem Budget an ee Fong fir de soziale Wunnengsbau investéieren.

D'Prozedur fir eng sozial Wunneng zougedeelt ze kréien, muss transparent sinn, esou datt jiddereen ka wëssen, wéini him ka gehollef ginn.

Bei gréissere Projeten am soziale Wunnengsbau soll en Deel Wunnengen fir Leit reservéiert sinn, déi net genuch verdéngen, fir eleng ze bauen, awer zevill, fir vum Stat gehollef ze kréien.

**Moossname fir Leit, déi bauen oder kafen**

- D'Bauufuerderungen däerfen de Präis vum Bau net iwwerdriwwen an den Himmel dreiwen. Eng Gemeng däerf net den Haustyp (Passivhaus) bestëmmen.
- D'ADR ass géint staatlechen Zwang an Amëschen a privat Affären: Dat gelt och fir d'Virkafsrecht vun der Gemeng, fir Baulücken an eidel Wunnengen. Proprietären däerfen vun hirer Gemeng net gedränkt ginn mä si sollen iwwerzeegt ginn.
- Verkeeft d'Gemeng eegen Terrainen um fräie Wunnengsmaart, däerf si net Maartpräisser froen. Si muss hëllefen, de Präis vum Bauland bezuelbar ze maachen.

Dat traditionellt Lëtzebuerger Bild vum eegenen Eefamilljenhaus ass fir vill Leit net méi ze bezuelen. Dat wäert de Charakter vun eisen Uertschaften änneren. D'Gemeng muss awer oppassen, datt hire Charakter net vëlleg entstallt gëtt. Si muss kucken fir ënnert dem Bevëlkerungsdrock natierlech ze wuessen a weider Liewensqualitéit ze bidden. D'ADR ass géint Schlofgemengen a Wunnsiddlung ouni Séil.







**De Picky seet:**
Gréng wierkt... ganz besonnesch am Portmonni, z.B. mat vill Erhéijunge vun den Taxen, sou wéi fir d'Dreckskëschten. Oder mat méi héije Präisser fir den ëffentleche Verkéier. Am Land an an der Stad.







**De Picky erënnert sech:**
D'Sozialistesch Aarbechterpartei ass d'Partei vu gëschter. An et stëmmt: d' LSAP gëtt zu Cliärref haut, muer an iwwerrmuer net méi gebraucht

# Schäinhelleg Politik à la Gambia: Eist Land an eis Gemengen an der Wuesstemsfaal

A gudden Zäiten eist Land duerch eng realitéitsfriem an ideologesch Politik weider an d'Scholdespiral féieren, eesäiteg Mobilitéitskonzepter an een onverantwortleche Wuesstem als vermeintlech eenzeg Patentléisung – Politik à la Gambia, déi eist Land an d'Katastroph féiert, a mam Land och eis Gemengen.

Am Gemengewahlkampf wëllen d'Regierungsparteie fir méi Liewensqualitéit suergen a stellen sech schäinhelleg, datt di gréisste Problemer, mat deenen eis Gemenge konfrontéiert sinn, op nationalem Wee duerch Gambia op de Wee bruecht gi sinn. Wat kloen eis Gemengepolitiker zu Lëtzebuerg dach... A wat stëmmen si an der Chamber äifreg fir eng Politik, déi de gréissten Deel vun deene Problemer ausléist.

Liewensqualitéit an der Gemeng Cliärref, dat bedeit bezuelbare Wunnraum, eng sécher an entspaant Verkéierssituatioun an ee gesond a liewenswäert Ëmfeld erhalen. Et freet een sech just, wéi des Ziler op kommunalem Niveau sollen ëmgesat ginn, wann op nationalem Niveau Politik gemaach gëtt, déi mat kompromëssloser Sturheet den 1-Milliounen-Awunner-Staat ustrieft?

Elo schonns steet de Lëtzebuerger all Dag am Stau a muss iwwert d'Grenz zéien fir bezuelbare Wunnraum ze fannen. Wéi gesäit d'Situatioun dann eréischt aus, wa mer zu duebel sou vill Léit hei am Land wunnen? Der ADR 2017 seng Stëmm fir d'Gemengewalen an 2018 fir d'Chamberwale ginn, dat heescht endlech Verantwortung iwwerhuelen.

A schlechte Joren ginn zu Lëtzebuerg eng 10.000 Aarbechtsplaze geschaf, a gudde sinn et der ongeféier 15.000. Fält Iech op, datt et mat esou Zuelen eigentlech kee Chômage hei am Land dierft ginn? Tatsächlech muss de Gros vun deene Plaze mat Grenzgänger an Auslänner besat ginn, well hei am Land déi néideg Qualifikatioune feelen. Dat bedeit allerdéngs nach méi Drock op eis Verkéiersweeër, well all déi Leit sech mussen deplacéiere fir op d'Aarbecht ze kommen.

D'ADR mécht keng kuerzfristeg Politik a keng onsënneg finanziell Cadeaue fir erëmgewielt ze ginn. Mir biederen eis dem Wieler net un. Eis léit dat laangfristegt Wuel vu Lëtzebuerg um Häerz. No deem Motto a just no deem Motto maache mir Politik!



ADR: Fir eng besser Zukunft fir d'Gemeng Cliärref!






**De Picky mécht sech Suergen:**
Ojeeminee! An all déi, déi d'CSV net wielen, mussen déi stierwen?

# Cliärrewer Lycée: Chance notzen

D'ADR Cliärref begréisst ausdrécklech de neie Cliärrewer Lycée. Mir sinn iwwerzeegt, datt sech duerch dëse Projet nei Chancen fir eis Kantonalhaaptstad erginn.

Et läit der ADR Cliärref awer besonnesch um Häerz, datt de neie Lycée sech aktiv an d'Gemengeliewen integréiert. Et däerf net sinn, datt sech den Trend fortsetzt, datt d'Leit aus dem Norden ëmmer méi an de Süde schaffe fueren, well sech do méi Aarbechtsméiglechkeeten erginn.

Wann am Cliärrewer Lycée an Zukunft och héijer Klassen ugebuede ginn, wäert d'ADR dofir suergen, datt dës Klasse – z.B. am Beräich Commerce oder Handwierk – aktiv mat de Betriber an Ariichtunge vun der Gemeng Cliärref zesummeschaffen. Bildung a Gemengeliewe mussen Hand an Hand goen!



**Vue op de Site vum Cliärrewer Lycée**



adr ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Lëscht 7

# D'Alternativ fir Cliärref!



Lemaire Michel
28 Joer, Maarnech
Attaché parlementaire



Dr. iur. Xhonneux Detlef
50 Joer, Reiler
Jurist a Steierberoder



Fank André
71 Joer, Fëschbech
Rentner



Strassener Gustavo
59 Joer, Eselbuer
Ex-Capitaine Maritime Marchande



Scholtes Mike
45 Joer, Hengescht
Sécherheetsbeamten



O'Brien Silvia
64 Joer, Eselbuer
Hausfra

## D'Alternativ fir Är Gemeng!